



Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 4. Oktober 2024

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Fir all Schüler:inne beschtméiglechst enseignéieren ze kënnen si jee no hire Besoine verschidden Encadrementer an Equipement noutwendeg. A verschiddene Situatiounen kann d'Ausstattung vum Kllassesall och e wichtege Facteur fir d'Sécherheet vun alle Kanner an der Klass duerstellen, besonnesch wa Schüler:inne mat grave Verhalensopfällegkeeten an enger Klass sinn. Fir Kanner mat spezifesch Besoine gëtt et d'Méiglechkeet vun den Aménagements raisonnables, dorënner och d'Upassung vum Unterrecht am Kllassesall.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend folgend Froen stellen:

- Wéi eng Upassung vum Kllassesall sinn bei engem Aménagement raisonnable méiglech? Wéi ass den Oflaf fir esou Equipement oder Ënnerstëtzungen en place ze setzen?
- Huet den Educatiounsministère Recommandatiounen formuléiert fir den Equipement vum Kllassesall generell méiglechst inklusiv ze gestalten? Wa jo, wéi eng?
- Wéi verhält et sech mat der Responsabilitéit, wann e:ng Schüler:in an der Prozedur ass am Kader vun engem potentielle Besoin spécifique en Diagnostik ze kréien a sech oder anerer verletzt, well de Kllassesall net u seng Besoinen ugepasst ass?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1299 vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener

Generell gëtt schonns direkt wann eng Schoul oder ee Lycée soll gebaut ginn gekuckt, d'Klassesäll esou ze konzipéieren an ze amenagéieren, datt se inklusiv an accessibel sinn, d'Sécherheet vun alle Schüler garantéieren a Réckzuchsméiglechkeete fir d'Schüler bidden.

Esouwuel an der Grondschoul ewéi och am Lycée ass et méiglech, iwwert Aménagements raisonnables d'Léierëmfeld vu Schüler mat spezifesch Besoinen unzepassen. Dës Upassung baséieren op den individuelle Besoine vun de Schüler. Nieft der Upassung vum didaktesche Material (wéi z. B. Vergrößerung vun Texter, Notzung vun audiovisuellem Support oder informatemeschem Material) an der pädagogescher Differenzéierung ass et hei méiglech, de Raum an den zäitleche Verlaf vum Unterrecht (méi Zäit fir eng Aufgab oder en Test, Ënnerdeelung vun den Aufgaben, méi Pausen, asw.) unzepassen.

Speziellt Material, dat gebraucht gëtt fir de Klassesall ze amenagéieren, kann iwwer verschidde Weeër finanziert ginn. An de Grondschole sinn et am Prinzip d'Gemengen, déi dat néidegt Material zur Verfügung stellen. D'Lycéeën hunn hir Dotatioun, mat där si speziell Material kafen oder ersetze kënnen. Fir déi spezialiséiert Kompetenzzentren an d'Équipes de soutien des élèves à besoins éducatifs spécifiques (ESEB) besteet d'Méiglechkeet, eng Demande beim Service national de l'éducation inclusive (SNEI) eranzerechen, fir speziell Equipment, sougenannten Équipements spéciaux, finanziert ze kréien.

Betreffend der Fro vun der Responsabilitéit, wann e Schüler sech oder een anere Schüler verletzt, gëllen déi allgemeng Reegele vun der Responsabilité civile (Artikelen 1382, 1383 an 1384 vum Code civil), esou wéi déi méiglech Responsabilitéit vum Staat fir Virfäl déi ënnert der Surveillance vun engem Enseignant geschitt sinn (Dispositiounen vun der *Loi modifiée du 1^{er} septembre 1988 relative à la responsabilité civile de l'État et des collectivités publiques*), an d'Méiglechkeet, de Virfall als Accident scolaire ze declaréiere mat gegebenefalls enger Indemnisioun vun den Dommagen (kierperlechen oder materielle Schued) duerch d'Association Assurance Accident (ewéi vun den Dispositiounen vum *Règlement grand-ducal modifié du 17 décembre 2010 concernant l'assurance accident dans le cadre de l'enseignement précoce, préscolaire, scolaire et universitaire* virgesinn).

Lëtzebuerg, den 8. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH